1-2019-0-2-5839-01 (n° 3204)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Aktualitéitsstonn iwwert den Teletravail

Lëtzebuerg, den 20/05/2020

2

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- De STATEC huet a sengem Pressecommuniqué n°15 vum 19te Mee 2020 d'Resultater vun enger Etüde iwwert den Télétravail matgedeelt;
- Aus der Etüde geet eraus, dass den Télétravail sech am Vergläich zu 2019 verdräifacht huet;
- Gläichzäiteg consideréiere 55% vun de befrotene Persounen den Télétravail als eng positiv Erfarung, 15% jugéieren als eng negativ Erfarung;
- Allerdéngs affirméieren 43% vun de Befrotenen, dass si méi Stonnen am Home Office schaffen ewéi gewéinlech;
- De Mouvement écologique schwätzt sech a senger Stellungnam vum Mee 2020 fir eng Reform vun neien Aarbechtszäitmodeller aus an dorënner och fir eng Weiderentwécklung vum Télétravail, ënnert der Berécksiichtegung, dass den Drock op der Aarbecht dowéinst net weider zouhëlt;
- Ënnert Berécksiichtegung vun den negativen Aspekter vum Télétravail (ënnert Anerem: d'Trennung vu Beruff a Privatliewen, Iwwerstonnen, Recht op Privatsphäre a Paus) muss de Legislateur ee kloren gesetzlech Kader virginn, fir d'Rechter vum Employé ze garantéieren;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. eng Steiererliichterung fir Betriber an och ee Crédit d'impôt fir d'Employéen anzeféieren, fir den Télétravail zu Lëtzebuerg no der Coronakris als fest Aarbechtsform ze fërderen an z'etabléieren.
2. Gebrauch ze maache vum Klima-an Energiefong, ugesiichts, dass et sech heibäi ëm eng konkret an effektiv Ëmweltmesüre handelt.
3. zesumme mat der Chamber déi néideg gesetzlech Dispositiounen ze schafen, fir Abusen am Kader vum Télétravail z'ënnerbannen.

Sven CLEMENT